



► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- A vum Här Graas, pardon. Un zwee Ministeren ass se geschéckt ginn. U mech ass se gaangen, well ech Policeminister sinn. Mä den Dossier u sech gëtt gëréiert vum Finanzminister, well sämtlech Statswunnengen natierlech iwwert de Finanzminister gëréiert ginn.

Ech probéieren dofir, vu dass den Här Gramegna de Mëtteg net do ass, esou gutt wéi et geet, och op déi Froen ze äntwerten, déi hie concernéieren. Dofir sinn ech och d'accord, dann déi Froen unzuhuelen. Wéi gesot, esou gutt wéi ech dat elo spontan da ka beäntweren, géif ech dat da maachen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Da soen ech lech villmools Merci do derfir. An, wéi gesot, ech hätt gären den Accord vum Här Roth, dass en op d'schrëftlech Prozedur verzicht.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech kucken déi zwou Dammen, an ech géif mengen, mir wieren domadder d'accord.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Okay. Akt ass lech gi vun Ärer Deklaratioun.

► **Une voix**.- E Bléck an d'Ae geet duer.

(*Interruptions*)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Et ass souwisou e relativ weiblechen Dag haut, wann ech kucken, wie schonn alles hei défiléiert ass. Här Roth, Merci.

Da géif ech elo erëm gär dem Här Schneider a senger Qualitéit als Policeminister d'Wuert ginn, fir op déi verschidde Froen Äntwerten ze ginn. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, als Äntwert op déi Fro, wat d'Déngschtwunnenge vun der Police...

Ah, elo ass de Finanzminister dann och do.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

(*Interruption*)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Sécurité intérieure*.- Pardon.

Wat d'Déngschtwunnenge vun de Polizisten ugeet, ass et esou - vläicht eng éischt Remarque, eng préliminaire Remarque -, dass déi eigentlech à la base agefouert gi sinn, déi Déngschtwunnengen oder de Prinzip vun der Déngschtwunneng, well et e Périmètre d'habitation bei der Police ginn ass oder legal nach ëmmer gëtt, dee seet, dass e Polizist muss am Émkrees vu sengem Kommissariat wunnen. Dat war also d'Géigeleeschtung zu där doter Leeschtung.

Ech sinn awer, zënter ech Polizeiminister sinn, ëmmer erëm drop ugeschwat ginn, fir deen Déngschtperimeter ofzeschaffen, well ëmmer manner Leit agesinn, wat de Sënn soll si vun deem Déngschtperimeter. Mir hunn dat och gemaach. Mir hunn awer dann och folglecherweis gesot als Regierung: Da mécht d'Déngschtwunneng u sech kee Sënn méi. Wann d'Leit kënnen wunnen, wou se wëllen, mécht se kee Sënn méi. An dofir ass am Zukunftspak dat doten och eng vun de Mesurë gewiescht, fir déi Déngschtwunnenge generell beim Stat ofzeschaffen, do, wou et méiglech ass.

Wéi sinn déi Loyerer, vun deenen déi Agenten haut profitéieren, festgeluecht ginn? Abee, déi Loyere sinn duerch eng Circulaire vun der Regierung 1982 fixéiert ginn a si sinn zanterhier ni adaptéiert ginn. Dat heescht, dass vun all deene Loyerer, vun deene mer schwätzen, a mir hu ronn 290 Bréiwer un Agenten, u Polizisten entre-temps erausgeschéckt, sinn déi Loyere bal a kengem Fall iwwer 100 Euro de Mount, de Moment.

Et ass awer och esou, dass et e Gesetz gëtt, an dat ass am Fong schonn eng Äntwert op den Här Roth, also e modifizéiert Gesetz vum 22. Juni 1963, dat seet, dass de Fonctionnaire, deen eng Déngschtwunneng kritt, muss de reelle Loyer bezuelen, allerdéngs mat enger Aschränkung: Dee reelle Loyer dierf net méi si wéi 20% vu senger Bruttopai. Dat Gesetz gëtt also hei elo applizéiert.

A just fir lech e Beispill ze ginn, wat dat dote bedeit fir déi verschidde concernéiert Polizeibeamten: Bei engem Brigadier, deen en Ufanksgehalt huet, mat de Primmen, selbstverständlech, vun haut 3.490 Euro, wär dat dann ee maximale Loyer, deen e misst bezuelen, vu 698. A bei sengem Endgehalt vu 5.390 Euro hätt en e maximale Loyer ze bezuele vun 1.078 Euro. Beim Inspekter wär dat am Ufanksgehalt vun 3.743 Euro ee Loyer vu 748 Euro maximal. A bei sengem Endgehalt vu 7.716 Euro wär dat e maximale Loyer da vu 1.543 Euro.

Dat heescht, dat do sinn déi Spanne vu Loyerer, vun deene mer dann elo géife schwätzen. Ech hunn och ee konkret Beispill elo just nach gesi gehat vun enger Damm, déi e Loyer

haut bezilt fir en Appartement vun 119 m² vu 74 Euro de Mount. An deen ass elo réévaluéiert ginn op 1.485 Euro de Mount. Vu dass awer och hei d'Regel vun den 20% spillt, muss se awer nëmmen e Loyer vun 990 Euro bezuelen. Dat heescht, par rapport zum reelle Marchéspäis gewënnt se nach ëmmer ronn 500 Euro.

Wéi ech virdu gesot hunn, sinn 290 Bréiwer u Polizistinnen a Polizisten erausgaangen. Dovun, muss ech soen, si 60 Wunnengen, déi an Enceinte-publicke sinn, mat deene mer... also, déi mer net kënnen verkafe respektiv och net kënnen réattribuéiere respektiv keen aneren Notzen direkt draus zéien, zumindest keen, fir et op dem private Marché ze veräusseren.

Et ass esou, dass déi Präisser, esou wéi se elo applizéiert sinn, no zwee Kritäre gerechent gi sinn. Ee Kritär ass d'Lokaliteit. Gekuckt ginn ass natierlech: Wou ass déi Wunneng? Wat jo hei zu Lëtzebuerg awer grouss Differenze mat sech bréngt. An zum anere sinn da fir déi Lokaliteit d'Präisser applizéiert ginn, déi den Observatoire de l'Habitat festleet. An do wësst Der och alleguerten, dass déi Präisser éischter de Marchéspäis ënnerschätzen, wéi iwwerschätzen.

Et ass esou, dass den Agent... Also, déi Polizeibeamten, déi concernéiert sinn, déi hunn e Bréif kritt vum Finanzministère, wou se gesot kruten, fir déi Wunneng, an där se haut wunnen, misste se laut där doter Berechnung de Loyer X an Zukunft bezuelen, mä vu dass se jo kënnen vun där Regel vun den 20% Maximum profitéieren, solle se dem Finanzminister an der nächster Zäit dann hire Salaire eraginn, hire Revenu eraginn - dat ass dann am Fong en Traitements -, fir dass dann de reelle Loyer ka gerechent ginn, deen op si géif applizéiert ginn.

Da war déi drëtt Fro, déi vum Här Graas a vum Här Hahn gestallt ginn ass, déi, ob et en Droit de préemption gëtt. Dat gëtt et net. Also, dat maache mer net, aus verschiddene Grënn. Ee Grond ass deen, dass verschidde Logementer innerhalb vun enger Enceinte vun engem Ensemble immobilier sinn an dass et do ganz oft méi Sënn mécht, dee ganzen Ensemble immobilier ze revaloriséiere respektiv och ofzerappen, fir eppes méi Grousses kënnen dohinner ze bauen, an et dofir kontraproduktiv ass, wann do déi eng oder déi aner Wunneng privat verkaaft wär, de Stat also dann net d'Méiglechkeet hätt, dee ganzen Ensemble immobilier ze revaloriséieren, zum Beispill iwwer eng SNHBM, zum Beispill iwwer e Fonds du Logement.

An da wär natierlech dat anert och e Problem vun der Inégalité de traitement. Bon, déi gëtt et souwisou generell tëschent all deene Beamten, déi eng Déngschtwunneng hunn, an all deenen, déi keng hunn, zemoools wa keng Konditiounen méi drunhänken, fir déi een eng Déngschtwunneng haut kritt. Also, an där Situatioun si mer souwisou haut.

An déi aner ass déi, dass et ganz vill Déngschtwunnenge gëtt, wou de Roulement relativ staark ass. Dat heescht, deejéinegen, deen elo grad zoufälleg elo dran ass, deen hätt dann den Droit de préemption. Dee kéint also seng Wunneng dann direkt kafen. An deen, dee vläicht de Mount virdrun nach do gewunnt huet, deen nach net wousst, dass dat do kéim, deen hätt dat Recht net. Et wär also eng Lotterrie, an och vun dohier eng Inégalité de traitement. Et ass awer natierlech kloer esou: Wann déi Wunnenge vereenzelt och iwwer eng Stee verkaaft ginn, da kann natierlech deejéinege se steeën, deen och dra gewunnt huet.

Dann nach vläicht déi Fro vum Här Roth, wat den Energiepass ugeet. Ech soen lech elo emol, dass ech bal sécher sinn, dass den Energiepass net gefuerdert gëtt, well et gëtt jo keng neie Mietvertrag an deem Sënn. Et gëtt just eng Konditioun geännert, nämlech déi vum Loyer. Déi Leit, déi dra wunnen, déi wunne jo schonn dran an déi kréie just en anere Loyer applizéiert. Soss wär dat jo och um Privatmarché: All Kéier dann, wann de Loyer gehéicht gëtt, misst Der en neien Energiepass maachen. Dat ass net de Fall.

An, voilà, ech mengen, domat hätt ech op all déi Froe geäntwert.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Villmools Merci, Här Minister. Ech begreissen den Här Minister Gramegna. Ech weess net, ob en nach eppes wëllt dozou soen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech géif gäre mengem Regierungskolleg a Vizepremierminister félicitéiere fir déi ganz komplett Äntwert, déi en do konnt ginn, déi iwwert d'Question parlementaire vun de Kolleegen Hahn a Graas ewechgeet. Wann awer elo nach deen een oder deen anere Punkt nach net beäntwert wier, da géife mer dat schrëftlech noreechen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci villmools. Ech géif da ronderëm de Sall kucken. Ech géif mengen, mir kéinten dese Punkt ofschléissen. An elo iwwerginn ech un den Här Di Bartolomeo, fir virunzufueren.

Merci souwäit.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Vizepräsidentin, déi dat wéi ëmmer exzellent gemaach huet. A mir géifen dann zum leschte Punkt kommen.

(**Concertation interne**)

Sorry fir dee klengen Délai. Mir hu just d'Premierministerin vun Norwegen empfaange gehat. Dofir Merci fir Äert Versteesdemech, dass ech net direkt erëm dra war.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 6660, enger Direktiv iwwert de Finanzsektor. An direkt huet d'Wuert den honorabelen Här Rapporteur, de Guy Arendt.

4. 6660 - Projet de loi portant:

- **transposition de la directive 2013/36/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013;**

- **transposition des articles 2 et 3 de la directive 2011/89/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 novembre 2011;**

- **transposition de l'article 6, paragraphe 6 de la directive 2011/61/UE du Parlement européen et du Conseil du 8 juin 2011;**

- **modification de:**

1. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

2. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

3. la loi du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn haut de Mëtteg de Pleséier, e mëndleche Rapport zu engem Gesetzestext virzedroen, deen d'Dispositiounen vun der Direktiv 2013/36/UE, och nach Direktiv CRD IV genannt, an eist nationaalt Recht transposéiert.

Et geet hei drëms, Regele festzeleeën, déi den europäesche Bankesystem weider consolidéiere wäerten. An de Gesetzestext ass den 28. Februar 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. Déi Europäesch Zentralbank huet hiren Avis de 26. Juni 2014 ofginn. D'Chambre de Commerce huet de 15. September Stellung geholl. An den Avis vum Statsrot datéiert vum 21. Oktober 2014.

De 17. Mäerz 2015 huet d'Finanz- an d'Budgetskommissioun eng Rei Amendementer ugehall. Doropshin huet d'Chambre de Commerce en zweeten Avis de 5. Mee geschriwwen. An den 19. Mee huet de Statsrot säin Avis complémentaire ugehall. D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet de schrëftleche Rapport den 22. Juni ugehall.

Här President, aus der Finanzkris, déi ab 2007 hir Kreesser gezunn huet, hu mer eppes ganz kloer geléiert: D'Verhale vun e puer Instituter kann de ganze Bankesystem op d'Kopp geheien. Wann d'Kris hiren Ursprung an de Vereenegte Staten, am sougenannte Subprime-Marché hat, esou hunn d'Banken ëm de ganze Globus an d'Länner op der ganzer Welt mat massiven Auswirkungen, souguer bis haut nach, liewe mussen. Et huet sech awer och erausgestallt, dass national Mesuren net duergoungen, fir esou eng Kris ze verhënneren.

Am Summer 2012 huet dowéinst den Europäesche Rot decidéiert, eng sougenannte Bankenunioun ze bilden, an där all d'Banken, déi an der EU operativ sinn, iwwerwaacht ginn. Dës Unioun besteet aus zwee Pilieren. Mir hunn de sougenannten MSU, Mécanisme de surveillance unique, deen d'Banken am A behält. An et gëtt den MRU, de Mécanisme de résolution unique.

Wichtig ass, dass et sech hei jeeweils ëm een an deeselwechte Mechanismus fir all d'Banken handelt. De Gesetzestext vun de Mëtteg bezitt sech op deen éischte Volet, den MSU also, deen d'Soliditéit vum Bankesystem assuréiere soll, d'Stabilitéit garantéiere soll an eng kohärent Supervisioun erméiglecht.

An deem MSU gëtt et zwee Niveauen. Déi Europäesch Zentralbank surveilléiert déi Banken, déi besonnesch wichteg fir den europäesche Marché sinn. Et handelt sech ëm déi sougenannte systemesch Banken, déi Instituter, déi besonnesch ënnert d'Lupp geholl gi mussen, well si esou bedeitend sinn, dass, wa si wackelen, de ganze System Problemer kritt. Déi national Autoritéite si fir déi manner wichteg Banke responsabel.

D'CSSF, d'Commission de Surveillance du Secteur Financier, ass hei zu Lëtzebuerg als national Autoritéit bezechent ginn. Et ass fir dës wichteg Banken, dass elo uniform Regeln agefouert goufen, well dës nach méi en exakte Suivi brauchen, ebe well se relevant fir d'Stabilitéit vum ganze Bankesystem sinn.

Am Moment gëtt et zwou Direktiven, déi de legale Kader fir d'Surveillance vun de Finanzinstituter duerstellen. Op där enger Säit ass dat d'Direktiv 575/2013, och nach „Capital Requirements Regulation“ oder CRR genannt. Op där anerer Säit hu mer d'Direktiv 2013/36, och nach „Capital Requirements Directive“ oder CRD IV genannt. D'Zuel IV steet als Successeur zu de Regele vu Basel III, déi éischter ausgeschafft goufen.

Den Text ass e ganz techneschen, esou datt ech fir d'Detailer op de schrëftleche Rapport verweisen. Ech wëll awer e puer Punkten ervirsträichen.

Här President, d'Neierunge vun der Direktiv CRD IV, wéi ech scho gesot hunn, si komplex a kënnen a sechs verschidde Kategorien ënnerdeelt ginn.

Éischtens geet et drëm, souwuel d'Qualitéit wéi och d'Quantitéit vun de Kapitalreserven, déi e Finanzinstitut bereethale muss, ze optimiséieren. Mir schwätzen hei iwwert d'sougenannten „capital requirements“. Op déi verschidden Niveaue gëtt elo nach en Niveau derbäigesat. D'Direktiv gesäit och minimal Kapitalreserve vir, deemno wéi staark d'Bank enger Bandbreit vu Risiken ausgesat ass.

Zweetens gëtt et Ännerungen, wat de sougenannten „leverage ratio“ ugeet. An hei gi genau Verscholdungsgrenze festgehalten.

Drëttens, d'Direktiv setzt och Regele fest, wat d'Liquiditéit vun de Banken ugeet, dat souwuel par rapport zu engem Horizont vun 30 Deeg wéi och vun engem Joer.

Véiertens, et wäert och eng ganz Rei harmoniséiert Regele ginn, wéi déi finanziell Situatioun vun de Banken ze bewäerten ass. Dëst ass besonnesch wichteg am Kader vun der Surveillance vun de Finanzinstituter.

Fir dass dës Kontroll, fënneftens, propper funktionnéiere kann, mussen d'Banken och verschidden Informatiounen un déi respektiv Autoritéite weiderginn, dat besonnesch am Kontext vun de verschiddene Risiken, deene se ausgesat sinn.

Sechstens, besonnesch wat déi sougenannten „large exposures“ ugeet, also Risiken, déi sech op e puer Clienten konzentréieren, gesäit d'Direktiv och nei Regele vir.

D'Direktiv verfügt awer och iwwer Dispositiounen bezüglech de Rémunérationen an dem Modell vun der Gouvernance vun de Banke souwéi der Diversitéit vun de Verwaltungsreite. Et ass nach ze soen, dass de Gesetzesprojet och e puer technesch Upassunge virhëlt, dat, fir Iwwerlappunge mat anere Modalitéiten ze verhënneren.

Et geet hei awer net nëmmen ëm eng Direktiv, well duerch den Text vun haut de Mëtteg gëtt d'Gesetz iwwer eis Banke vun 1993 op de leschte Stand bruecht. Mir hunn eng breet gefächert an innovativ Finanzplaz. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass eis Gesetzgebung och an deem Punkt mat der Zäit geet. Dese Projet de loi dréit also derzou bäi, eist Land dobausse weider als Exzellenzzenter vun de Finanzen ze promovéieren.

Här President, duerch d'Transpositioun vun der Direktiv CRD IV an eis Legislatioun, droe mer eist derzou bäi, fir d'Repercussioune vun enger Finanzkris, esou wéi mer se virun e puer Joer kannt hunn, ze minimiséieren. D'Finanzinstituter spillen an eiser heiteger Zäit eng immens grouss Roll an et ass richtig, dass d'Europäesch Unioun eenheetlech Regeln opgestallt huet, fir de Bankesystem ze stabiliséieren.

Zum Schluss soen ech dem Finanzminister a senger Leit, der Madame Guezennec an dem Ben Jacoby Merci a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soen lech Merci.



► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci fir d'Alleréischts dem Rapporteur Guy Arendt, deen, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, op eng exzellent Aart a Weis souwuel e schrëftleche wéi mëndleche Rapport iwwer eng ganz komplex Thematik gemaach huet. Mir wäerten dëse Projet de loi stëmmen.

De Rapporteur huet et gesot: Hei ginn dräi ganz wichteg Direktiven transposéiert. An ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir zwou Remarques ze maachen, déi mer an deem ganze Kontext wichtig schéngen ze sinn.

Dat Éischt ass: Déi Direktiv CR IV ass jo eigentlech den europäesche Pendant vun der Convention de Bâle, dat heescht vun deeneselwechte Regeln, déi do um Niveau vun de G20 ugeholl gi sinn. An u sech ass dat hei Basel III oder de Pendant vu Basel III. A wat mech do ëmmer erëm e bësse stéiert, besonnesch am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mer am Moment féieren iwwer méi Transparenz am Finanzwesen, ass, datt eng Rei vu Länner - an net déi mannst, notamment eis amerikanesch Frënn - emol Basel II nach net transposéiert hunn, emol guer net ze schwätze vu Basel III.

An déi drëtt Direktiv, déi mer hei transposéieren, dat ass de Pendant vun der MiFID-Direktiv. Och do ass et esou, datt entre autres d'Amerikaner déi nach ëmmer net transposéiert hunn. An dat wollt ech awer eng kéier hei ënnersträichen an och do de Finanzminister bieden, an deene Gremien, wou e Lëtzebuerg an och d'Europäesch Unioun elo och am Kader vun der Présidence wäert vertrieeden, ëmmer erëm dorobber hinzewiesen.

Eng zweet Remarque, dat ass méi eng allgemeng Remarque. Dat ass déi, wann een awer trotzdeem elo kuckt, wat do an deene leschte Jore vun Direktive komm ass, dat souwuel um Niveau vun der Europäescher Unioun wéi och um Niveau vun de G20, da stellt een trotzdeem fest, datt mer do awer a Richtung vun enger Surréglementatioun ginn. An ech muss wierklech soen, ech stelle mer heiansdo d'Fro, wéi een et hei och muss soen: Trop de réglementation tue la réglementation. Dat fänkt u quasiment emol net méi gérabel ze gi fir ganz vill besonnesch méi kleng Banken. An do och nach eng kéier den Appell, besonnesch am Kontext vun enger neier Kommissioun, déi sech op de Fändel geschrivven huet, fir manner ze reglementéieren, datt mer och hei awer iergendwéi eng kéier musse mat där Iwwerreglementatioun ophalen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Mosar. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Bon, dëse Projet de loi setzt, wéi gesot, déi sougenannte CRD IV an d'Lëtzeburger Recht ëm, den Accord Bâle III, dee mer hei haut am Modèle de base evaküieren, deen awer trotzdeem eng fundamental Legislatioun ass fir eise Bankesektor. Fir u sech eng Iddi vun der Envergure ze ginn: CRD IV ass 100 Säite staark, de Règlement CRR, dee jo derzou gehéiert an deen d'application directe ass, huet 300 Säiten. Dat heescht, dat si scho voluminéis an och extrem wichteg Gesetzgebungen, déi eise Finanzsektor komplett nei organiséieren wäerten, wat d'Zouloossungen an och d'Kapitalexigenzen a munch aner Aspekter vun de Banken ugeet.

Et géif munches ze soe ginn hei. A muenches ass och gesot gi vum Rapporteur, dem Guy Arendt, deem ech och gär géif hei Merci soe fir säi gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech géif mech awer gären als LSAP-Spriecher op ee Punkt konzentréieren, deen an den Ae vun eiser Partei extrem wichteg ass, an dat ass dee vun der Gouvernance. Mir wëssen, dass een zentrale Problem an der Genèse vun der Kris vun 2008, op déi Basel III jo am Fong sollt äntwerten a wou Basel III och probéiert huet, Lektionen draus ze zéien, dee war vun engem Gefill vun Irresponsabilitéit. D'Irresponsabilitéit war eppes, wat a manche Finanzkreesser deemools wäit verbreet war. An et muss een zouginn, wann ee kuckt, wat no där Finanzkris geschitt ass, dass weinegen Dirigente vun Finanzinstituten, déi duerch hir démesuréiert Egoen a rücksichtslos Gestiouen de Finanzsystem an d'Weltwirtschaft bal an d'Mauer gefouert

hunn, wierklech eppes geschitt ass, wann een elo emol vläicht vum Beispill vun Island ofgesäit.

Bon, e puer hunn eng oder zwou Villae verluer. Si hu vläicht och hire Privatjet musse verkafen, mä soss ass awer näischt wierklech Schlëmme geschitt. Wann een d'Leit net reponsabiliséiert, da geschéien esou Krisen ëmmer erëm. Dann entstinn op allen Niveauen esou Personnage wéi de Richard Fuld vu Lehman Brothers oder de Jérôme Kerviel vu Société générale, déi Milliarden an de Sand setzen. Dat si Leit, déi oft opgepolvert sinn duerch héich Bonussen, déi lassgëlést si vun all reeller Leeschtung.

An dofir ass d'Gouvernance esou wichteg. An hei bréngt CRD IV eng Partie interessant Innovatiounen. Dëst betrëfft d'Zusammensetzung vum Management an Opsiichtsorganer. CRD IV huet spezifesch Regele fir d'Direktioun, déi en charge vun der Gestion des risques ass. Si imposéiert och d'Konstitutioun vun Nominatiounscomitéë fir d'Membere vun der Direktioun a vun Organer, déi d'Rémunératioun vun héije Responsabelen a Banke festsetzen.

Dëst ass e ganz heikelt Thema. Och d'Rémunératiounspolitik ass jo als eng Schwaachstell am regulatorischen Dispositiv erkannt ginn no der globaler Finanzkris 2008. Zu Recht, well deen, deen déck Primmen asäckele kann, ouni fir e Resultat riichtzestoen, huet e staarken Incitatif, fir egal wat ze maachen, fir zu senger Prime ze kommen.

Wéinst de Gouvernanceregelen, mä och weinst aneren Amélioratiounen an eiser Finanzsupervisioun, déi dëse Projet de loi mat sech bréngt, wäert d'LSAP hei derfir stëmmen, ouni awer allze vill Illusiounen ze hunn, dass dëst iergend-eppes hëllef wäert, wann déi nächst spekulativ Bulle wäert platzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Fayot. An nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir géife gären dem Rapporteur, dem Här Guy Arendt, Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci. Dann hunn ech den Här Gibéryen hei stoen.

(*Hilarité*)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Da sinn ech frou, dass ech mech gutt préparéiert hat.

(*Hilarité générale*)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- En ass erwächt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wollt och vun eiser Säit aus dem Rapporteur villmools Merci soen. Mir hunn dat an der Kommissioun jo am Detail duerchdiskutéiert an hien huet dat och wonnerbar hei a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport erëmbrecht, soudass ech mech nëmme ka menge Virriedner uschlëssen an him Merci soen an eisen Accord bréngen.

► **Une voix.**- Gutt geschwat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet direkt den Här Finanzminister d'Wuert. Här Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, léiwe Kolleg vun der Regierung, en fait stëmme mer haut a grousser Unanimité e wichtige Projet de loi. Et ass Referenz gemaach gi vum Deputéierte Franz Fayot op d'Originne vun der Weltfinanz- a Wirtschaftskris. An et ass ganz kloer, dass déi Ëmsetzung vun dëser Direktiv eng Äntwert op déi Weltfinanzkris war.

Ech muss zoustëmmen, datt, wann een 2006 oder 2007 verschidden Akteure vun der Finanzplaz - net vun der Lëtzeburger, vun de Finanzplazen an der Welt - hir Meenung gefrot hätt, wéi sécher de Finanzsystem ass a war, do wäeren der ganz weineg gewiescht, déi gesot hätten, dass do grouss Risquë sinn. An dofir wëll ech awer och e bësse relativiséieren, wat den Deputéierte Mosar gesot huet iwwert d'Surréglementatioun.

De Problem bei der Reglementatioun, fir ze wëssen, ob et ze wäit geet oder net wäit genuch, stellt ee leider oft eréischt a posteriori fest. A wat ech wierklech gutt fannen, ass, dass dës Direktiv en fait eng Rëtsch Saache virgesäit, déi virdrun iwwerhaupt net gekuckt gi sinn. An an där Hisiicht, muss ech soen, huet dës Direktiv mat sech bruecht, dass een aus der Kris géiert huet.

Nun ass et och esou, dass Europa a ville vun dësen Domänen oft de Virreider ass. Dat kann ee positiv an dat kann een awer och negativ bewäerten. Déi Remarque, och vum Här Mosar, dee seet, eis amerikanesch Partner a Frënn sinn en retard, ass e richteg Problem. Et ass och e Problem, dee mer an aneren Domänen erëmfannen. Ech mengen, mir hu virun e puer Deeg och iwwert d'Fiskalitéit geschwat, do ass et net anescht.

Et ass just, dass dat e Problem ass, dee Lëtzebuerg net eleng ka léisen; par rapport zu Amerika, mengen ech. Mä d'EU kann dat op jidde Fall maachen. An ech mengen, mir sollen eisen amerikanesche Frënn dat regelméisseg widderhuelen. Mir maachen hei elo enger Upassung u Bâle III, u Basel III. An d'Amerikaner sinn emol nach net bei Basel II ugelaangt.

Ob wierklech d'Analys dann esou simplistes ass, wéilt ech awer och e bëssen an de Raum stellen. Ech ka mer jo net virstellen, dass et am Intérêt vun Amerika ass, vun deem Land, vun deem d'Finanzkris jo ausgaangen ass, dass do iwwerhaupt keng Mesurë geholl gi sinn, mä wéi dat oft de Fall ass an deem Land, si dat op hir Aart a Weis maachen. Dofir soll een et och vläicht net ze vill simplistes upaken.

Ech wëll net soen, dass Dir dat gesot hutt, dass et simplistes ass. Dat wëll ech guer net hei gesot hunn. Ech wëll just soen: Mir vergläichen och vläicht zum Deel Appel mat Biren. Mir applizéiere Basel II, Basel III, d'Amerikaner hunn d'Tendenz, dann hir eege Reglementatioun ze maachen - dat hu mer jo och mat FATCA geschter nach diskutéiert - an dat ëmzesetzen.

Ceci dit, soll ee sech och bewusst sinn, dass Europa an deem heiten Domän..., wann een elo déi Direktiv fir dat néidegt Kapital fir d'Banken, CRD IV genannt, kuckt, ass dat eng Direktiv, déi sech an déi ganz Diskussioun vun der Bankenunioun areit. D'Bankenunioun ass Dezember 2013 ofgeschloss ginn. Dat war grad an deem Mount, wou ech fir d'Éischt am ECOFIN derbäi war. An ech muss soen, dass et e groust Ereegnis war, dass mer et an e puer Joer an Europa fäerdegbruecht hunn, déi Bankenunioun ze maachen, wou vill Leit dru gezweifelt hunn, dass dat iwwerhaupt méiglech war.

Ech wëll och ganz kloer hei ënnersträichen, dass d'Bankenunioun a groussen Zich an en général eng ganz grouss Errungenschaft ass fir Europa an e ganz groussen Atout fir Lëtzebuerg, well eis Finanzplaz, déi reit sech elo an ënner engem europäesche Präbbeli, enger europäescher Supervisioun, déi gemeinsam ass, déi gemeinsam Regeln huet. A fir een, dee jo schon oft duerch d'Welt gaangen ass a menge viregte Beruffer an och elo haut, hunn ech heiansdo héieren: „Jo, zu Lëtzebuerg hutt Der ganz vill Succès op Är Finanzplaz, well Är Supervisioun ass e bëssen ze vill flexibel.“ Dann hunn ech dat ëmmer gekontert, an ech sinn iwwerzeegt Dir och alleguerten, andeem mer ëmmer gesot hunn: „Eis CSSF mécht hir Aarbecht ganz gutt.“ A si mécht dat effektiv ganz gutt.

Mä elo si mer ënnert deem europäesche Präbbeli do. Do ass d'Äntwert immens einfach: De Gros vun de Regeln, fir net ze soen d'Regelen alleguerten, sinn déiselwecht. A mir applizéiere se, wéi mir all aner europäesch Regeln applizéieren. An dat ass zum Virdeel vun Europa an et ass zum Virdeel vu Lëtzebuerg.

CRD IV, dës Direktiv zesumme mat der „capital requirement regulation“ ass dann elo de Corps unique, deen d'Eröffnung, also d'Autorisation, vun enger Bank hei zu Lëtzebuerg regelt an och hir Supervisioun. Dat amendéiert an där Hisiicht eist Gesetz iwwert d'Bankeplaz vun 1993 a setzt, wéi richtegt gesot ginn ass, Basel III ëm.

Ech géif gären dem Guy Arendt Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht an deem heiten Domän, deen extrem komplex ass. An ech géif gär och all deenen, déi an der Kommissioun matgeschafft hunn, Merci soen.

Dës Direktiv verstärkt d'Kapital, wat d'Banke mussen hunn, souwuel an der Quantitéit wéi och an der Qualitéit. Zweetens huet se en Impakt op d'Gouvernance vun de Banken, andeem d'Direkteren an och d'Membere vum Conseil nëmmen eng limitéiert Quantitéit vu Mandater dierfen unhuelen.

Firwa gött dat gemaach? Eh bien, fir sécherzestellen, dass déi Leit, déi déi grouss Responsabilitéit do hunn, entweder als Direkter oder als Member vum Conseil d'administration, déi néideg Zäit schenken, fir dass ebe keng Panne geschéien.

Et ass vill driwwer geschwat ginn, och iwwert d'Limiten, déi hei abruucht ginn, iwwert d'Rémunératioun vun den Direkteren vun de Banken. Och do ass et relativ licht ze verstoen, wat den Hannergrond ass. Den Hannergrond ass, ze évitéieren, dass d'Rémunératioun ganz einfach nëmme geknäipt ginn oder proportionell ginn zu de Benefisser, déi d'Banke maachen. A

wat se da méi Benefisser maachen, wat natierlech d'Paie méi grouss ginn, op där enger Säit.

Mä wann dat deen eenzegen Incentive ass, deen den Dirigent huet, dann huet hie jo d'Tendenz, ganz vill Risiken ze huelen. An dat wëllt een heimat ënnerbannen. Ob dat da komplett geléngt iwwert deen heite Wee, mag och dohinnergestallt sinn, mä et ass awer weinstens eng gewësse Garantie, dass aner Décisionsfacteurs eng Roll spillen am Kapp vun den Dirigenten.

Dës Direktiv gött och der CSSF méi Pouvoiren, fir hir Missioun ëmzesetzen. Se gött hir méi Outilen, wéi een dat esou schéin nennt. A mir hunn och do der CSSF all d'Méiglechkeete ginn, déi an der Direktiv virgesi waren. Mir hunn do keng zréckbehalen. Mir hunn also de Maximum vun den Outilen geholl. A mir hunn och Outilen geschafe fir d'Surveillance macroprudentielle.

Wat kann ee sech ënner Surveillance macroprudentielle virstellen? Eh bien, dat ass en fait dat, wat een anescht och nach kann als systemesch Risiko beschreiwen, déi hei ënnert d'Lupp geholl ginn. Mir hunn och zu Lëtzebuerg e Comité des risques systémiques agefouert, deen ech d'Éier hunn ze presidéieren. A mir haten och eng éischt Réunion vun deem Comité virun e puer Deeg. An ech muss lech soen: Wann een iwwert déi Problematik vun de Risque-systèmequen ufänkt nozedenken, da versteet een, dass an der Vergaangenheet en fait dee ganzen Aspekt vun de Risques macroprudentiels komplett ënnerschat war.

Mir hunn also, am Résumé, bei der Transpositionen hei derfir gesuergt, dass d'CSSF déi meescht méiglech Outilen soll hunn, fir ze agéieren. Ech mengen, an där Hisiicht hu mer eng ganz komplett Transposition gemaach.

A mir hunn eng zweet Saach gemaach, déi e bësse vläicht inhabituel ass: Mir hätten hei Dé-lais de transition gehat, déi et eis géifen erlaben, déi Direktiv Schratt fir Schratt ëmzesetzen.

Dat hu mer net wëlle maachen. Mir hu wëllen derfir suergen, dass déi Direktiv, soubal se hei gestëmmt ginn ass, direkt voll a ganz a Kraaft trëtt, well éischens, d'CSSF d'Méiglechkeet huet, dat ze bewerkstelleen, mä zweetens, well mer mengen, well dat fir den Image vun eiser Place financière extrem wichteg ass an en fait extrem positiv ass.

An dofir gi mer och gelueft vum Fonds Monétaire International a vun der OCDE, dass mer dat esou wëllen ëmsetzen. Dat huet zum Beispill de Fonds Monétaire International a senger leschter Analys Artikel 4 am Mee gemaach. An dofir verstärke mer dann och natierlech eisen Triple-A, deen eis jo esou wichteg ass. Den Triple-A kréie mer, well mer gesond Statsfinanzen hunn, mä awer och well eis Finanzplaz sécher ass.

Ech mengen, dass mer doduerch, dass mer dat esou transposéiert hunn, wéi ech et elo grad resuméiert hunn, eiser Kredibilitéit vun eise Land a vun der Finanzplaz gerecht ginn, eisen Obligatiounen europäesch gerecht ginn an domat och eiser Finanzplaz an der Réputatioun vun eiser Finanzplaz e gudden Déngscht leeschten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Minister. A mir kënnen dann direkt zu der Ofstëmmung iwwert de Gesetzesprojet 6660 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6660 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet 6660 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marcel Nancy Arendt), Françoise Hetto-Gasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;



MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An da bleift mer just nach, d’Fro no der Dispens vum zweete Vote ze stellen.

(Assentiment)

D’accord. Villmools Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6545 iwwert d’Reform vum Sozialdialog. An direkt huet den Här Rapporteur d’Wuert, den Här Frank Arndt.

5. 6545 - Projet de loi portant réforme du dialogue social à l’intérieur des entreprises et modifiant le Code du Travail et la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de Commerce et des Sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

Rapport de la Commission du Travail, de l’Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun 30 Joer war ech President vun enger Delegation. Ech hat net gemengt, datt ech eng Kéier hei kéint stoen an de Mëtten ee Gesetz matpresentéieren, wat een, fir mech, ee grouse Schratt weiderbréngt, ee Gesetz, wat Kompromësser bedeit.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Et ass e ganz wichtege Projet. Wann ech gelift!

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President.

...wat Kompromësser bedeit, sougutt fir d’Betriber wéi och fir d’Aarbechtsnehmer. Ech mengen, et huet 36 Joer gedauert, bis mer et elo op de Leescht hei huelen. An et ass néideg, datt et op de Leescht geholl gëtt. Ech denken, datt ech herno als Fraktiounssprecher vun der LSAP do wëllt méi drop agoen. Elo ass et awer mäi Rôle, de Rapport ze maachen. An ech géif och mat deem elo weiderfueren.

D’Gesetz ass de 25. Februar 2013 déposiert ginn. Et sinn Avisen erakomm vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Métiers, dem Comité du Travail féminin, vum Conseil d’État, Avis-complémentaire, en zweeten Avis complémentaire. Mir kruten de Projet de loi vum Minister 2013 an am Oktober 2014 presentéiert. Ech sinn an där Réunion vum 1.10.2014 als Rapporteur designéiert ginn. Mir hunn am Ganze 75 Amendementer adaptéiert. An de Projet ass de 24. Juni 2015 ugehall ginn.

Et muss een awer vläicht den Historique kucke vum Dialogue social. Dat geet op 1919 zrëck, wéi et den éischte Conseil d’usine permanent ginn ass. 1974 ass agefouert ginn, datt all Betrib, wou méi wéi 20 Aarbechter schaffen, eng Delegation muss hunn. 1974 ass de Comité mixte agefouert ginn. An 1979 war eng grouss Reform vun de Personaldelegationen, déi gemaach ginn ass an un där dem Här Wolter an dem Här Spautz hir Pappen do mat dru geschafft hunn.

D’Regierungserklärung vum 12.8.1999: Ukënnung vun enger gesamter Reform vun den Texter betreffend d’Personaldelegation an d’Cogestiuon. 2000 ass op Avis vum CES gesot ginn, datt et bluttnéideg wier, fir eng Reform ze maachen, fir d’Décisionsprozedure besser ze encadréieren, souwuel um nationale wéi um europäeschen Niveau. Doropshin huet d’Regierung ugefaangen, ee Projet auszeschaffen, mä deem ass leider net finaliséiert ginn.

D’Regierungserklärung vum 23.7.2009: Ukënnung vun där Reform nach eng Kéier. D’Fonctionnement vun de Personaldelegationen soll un déi aktuell wirtschaftlech Gegebenheeten ugepasst ginn, den Dialogue social soll méi effikass ginn an d’Konditiounen, an deenen d’Delegéierten hiert Mandat ausféieren, souwéi hire Kënnegungsschutz sollte verbessert ginn.

D’Grënn, fir den Dialogue social ze verbessern, sinn...

(Interruption)

Erlaabt mer just, eng Kéier kuerz ze drénken. Merci.

Also, d’Grënn, fir den Dialogue social ze verbessern, sinn: Wann een de Rapport vun Davos iwwert d’Gesamtkompetitivitéit vun de

Länner kuckt, sinn ënnert deenen zéng kompetitivste Länner der fënnef, déi e staark entwéckelte Sozialdialog hunn an och gewerkschaftlech Verriedungen an de Betriber hunn. D’Beispill vum däitsche Betribsrat ass sécherlech net dat schlechsch, dat ee kann ernimmen.

Zweetens, d’Betriber sinn de wirtschaftlechen Turbulenzen an Ännerungen ausgesetzt a mussen sech erëm nei adaptéieren. Dëst huet oft een Impakt op d’Aarbechtsbedéngunge vun den Aarbechter. Dofir ass eng Verbesserung vum Sozialdialog grad zu Lëtzebuerg wichteg. Och soziale Fridden ass Nation Branding.

Drëttens, déi aktuell Prozedure waren net ëmmer effizient. Si sollen net ganz nei definéiert ginn, mä der Realitéit ugepasst a vereinfacht ginn, fir ënner anerem der grousser Komplexitéit vun der moderner Entreprise Rechnung ze droen. D’Wirtschaft soll demokratiséiert ginn, andeems d’Salariéen e méi grousst Matsproocherecht kréien.

Wat sinn dann d’Haaptpunkte vum Projet de loi? Jo, d’Suppressioun vum Comité mixte ass ee vun den Hauptpunkten. D’Attributioun vum Comité mixte ginn un d’Délégations du personnel weidergeleet. D’Delegation ass also déi eenzeg Instanz, déi den Intérêt vun de Salariéen an de Betriber vertritt. Dat ass a mengen Aen eng Vereinfachung.

Doriwwer kann een natierlech diskutéieren, mä wann een awer kuckt, wann et fréier bis 150 Leit war, hu mer et awer elo fäerdegbruecht, a virun allem war et jo och an de Wirtschaftszweiger, wou et virun allem de Comité mixte ginn ass, ass et awer elo méiglech, ab 150 Leit an alle Betriber kënnen e Matsproocherecht ze hunn. Also ass dat scho fir mech eng Vereinfachung.

An et muss een och soen, datt deelweis double Emploi gemaach gi war. Well ech aus Erfahrung do ka schwätzen: Wann een an enger Delegation souz an een e Comité mixte parallëll lafen hat, huet een net ëmmer déiselwecht Informatiounen weiderkritt, wéi déi Leit se am Comité mixte kritt hunn. Also ass et, mengen ech, besser, si gi gebündelt op engem Niveau. An dat sollen dann d’Delegationen an eisen Ae sinn. An dat ass och am Rapport esou festgehale ginn.

Dann: Nei Strukturéierung an den Attributiounen vu Personaldelegationen. D’Gréisst vun der Personaldelegation hänkt vun der Zuel vun de Salariéen am Betrib of. Mindestens 15 Salariaie fir een Delegéierten, deen d’Intérête vun de Salariaie vertritt.

Fir wat vertritt e se? Wat d’Aarbechtsbedéngungen an de Sozialstatut ugeet, vermittlungt en am Fall vun engem Konflikt zwëschen dem Patron an dem Employé. Wann de Konflikt net à l’amiable ka geléist ginn, kann d’Delegation och d’ITM saiséieren.

D’Égalité de traitement, wat d’Paien, d’Aarbechtsbedéngungen an den Accès zur Formation bedeit.

De Patron muss d’Delegation iwwer all Entwécklung vu sengen Aktivitéiten am Betrib informéieren. An deene Betriber mat iwwer 150 Salariaie muss déi Informatioun all Mount stattfannen. An deene Betriber muss de Patron all Joer der Delegation en detailléierte Rapport iwwert d’Aktivitéite vun der Entreprise virleéen.

De Projet de loi gesäit Beräicher vir, wou d’Delegation informéiert a consultéiert muss ginn, an aner Beräicher, wou d’Delegation och ëm den Avis muss gefrot ginn.

Wou muss dann d’Delegation informéiert a consultéiert ginn? Wann et ëm d’Entwécklung vum Emploi am Betrib geet. De Patron muss all Semester der Delegation d’Statistike liwweren iwwert d’Neiastellungen, d’Entloossungen, d’Promotiounen, d’Mutatiounen, d’Rémunératiounen an d’Formatiounen an och iwwert d’Astellung vun den Intérimairen, d’Ofschléisse vu Contrats d’appui-emploi oder Contrats d’initiation à l’emploi.

D’Delegation muss och informéiert a consultéiert ginn iwwert d’Œuvres sociales, fréier ëmmer an der Kompetenz vum Comité mixte, déi et eventuell am Betrib ginn an déi am Intérêt vun den Employés an hire Famillje sinn. Dozou gehéieren och Mesuren, déi den Accès op e Logement assuréieren oder vereinfachen.

Wu muss dann informéiert, consultéiert an och den Avis gefrot ginn?

All Beräich, dee mat de Verbesserunge vun den Aarbechtsbedéngungen ze dinn huet. D’Ausbildung vun de Léierbouwen, Léiermeedercher, de Réclassement interne, etc. Eng kleng Remarque derzou: D’Gestion des âges ass gestrach ginn, well et dofir nach keng legal Basis gëtt. Et ass awer virgesinn, an engem Projet de loi weider behandelt ze ginn.

D’Personaldelegation muss ënner hire Membere den Délégué à la sécurité et à la santé an een Délégué à l’égalité nominéieren. Si kréien zousätzleche Congé de formation.

Den Délégué à la sécurité muss vum Patron iwwer all nei Mesuren, déi en Afloss op d’Aarbechtsbedéngungen oder d’Sécherheet am Betrib hunn, informéiert ginn. Hie kann d’Chantiers kontrolléieren goen an, am Fall vun enger Urgence, d’ITM informéieren.

Den Délégué à l’égalité muss ënner anerem dem Patron ee Plang mat Mesurë virstellen, déi d’Chancëgläichheet tëschent Fraen a Männer am Betrib férdere.

Aner Strukturen an de Betriber. D’Delegation um Niveau vun der Entité économique et sociale, also eng EES, ass eng Zesummeféierung vun Entitéiten, déi och kënnen autonom Personnalité-juridiquen hunn, mä wou d’Delegation awer konzentriert ass. Wann op d’mannst zwou Delegationen vun enger EES dat férdere, kann eng zousätzlech Delegation um Niveau vun der EES gegrënnt ginn. Si vertritt d’Intérête vun alle Salariaie vum Grupp an déngt dem Informationsaustausch ënnert den Delegationen.

A Betriber vu manner wéi 15 Salariaie gëtt ee Verrieder designéiert, dee mat Voix consultative un de Versammlung vum der EES kann deelhuele.

Betriber mat méi wéi 51 Salariaie kënnen op extern oder intern Conseillere zréckgräifen oder op een Expert, dee vum Employeur bezuelt gëtt, no feste Regeln.

E kuerzt Wuert iwwert d’Wahlen. D’Delegéierte gi vun de Salariaie gewielt unhand vu Lëscht mat Kandidaten, déi vun enger Gewerkschaft opgesat ginn, déi déi national Représentativitéit huet oder 5% vun de Salariaie. Wa keng Kandidat sech presentéieren, da mécht den Employeur der ITM ee Rapport, deen eng Enquête am Betrib mécht. Doropshi kënnen d’Kandidat par arrêté vum Aarbechtsminister designéiert ginn.

D’Delegéierte gi fir fënnef Joer gewielt.

D’Konditiounen fir d’aktiiv Wahlrecht sinn op 16 Joer erfogesat ginn. Et war ëmmer 18 Joer, mä well och d’Délégation des jeunes salariés ofgeschafft ginn ass, war et logesch, datt een de Wahlalter erfogesat huet.

En Aarbechts- oder Ausbildungsvertrag vun op d’mannst sechs Méint muss een hunn. Dat passivt Wahlrecht: 18 Joer; Aarbechtsvertrag vun op d’mannst zwielef Méint onënnerbrach; Lëtzebuerger sinn oder eng Aarbechtsautorisation hunn, fir hei zu Lëtzebuerg ze schaffen.

Ze bemierken: De Salariaie intérimaire huet kee Wahlrecht an deem Betrib, wou e seng Servicer ubitt.

De Crédit d’heures. De Projet de loi gesäit fir den Employeur d’Obligation vir, fir de Membere vun der Delegation Stonne fräi ze ginn, fir hirer Aarbecht als Delegéiert nozekommen. D’Unzuel vun de Stonnen, déi d’Delegation zegutt huet, hänkt vun der Gréisst vum Betrib of.

Eng aner Neuerung am Projet de loi: Nei Delegéierte kréien dat éischt Joer vun hirem Mandat 16 Stonnen en plus, wat jo och Sënn mécht: Wa se nei ufänken, brauche se virun allem Formation.

De Schutz vun den Delegéierten. De Projet de loi gesäit vir, dass d’Personaldelegéierten an och d’Délégués à la sécurité ënner Kënnegungsschutz sti während der Dauer vun hirem Mandat. Dëse Schutz gëllt net am Fall, wou d’Entreprise aus wirtschaftleche Grënn muss zoumaachen oder am Fall vun enger Faute grave. Allerdéngs huet d’Kommission déi Klausel vun der Faute grave och esou geännert, dass en abusivt Zréckgräife vum Patron op dës Klausel net méiglech ass.

D’Mediation. Innovation vum Projet de loi: D’Mise en place vun enger Mediation am Fall vun engem Sträit tëschent dem Patron an engem Salariaie iwwer eng Ausleeung vun engem oder méi Artikelen vum Code du Travail oder sief et vun engem Kollektivvertrag.

An deem Fall kann eng Commission de médiation am Kader vum Kollektivvertrag aberuff ginn, um Niveau vun der Entreprise oder um Niveau vum Secteur. Bei engem Échec vun der Mediation sinn all legal Weeër méiglech, fir virun déi zoustänneg Juridictionen ze trieden.

D’Aarbecht vun der Kommission well ech nach eng Kéier hei ernimmen. D’Kommission huet sech ganz intensiv mam Projet a mat de verschiddenen Avisen auserneegeesat.

Résumé vun den Haaptdiskussionen.

Suite Remarquë vun der Chambre des Salariés: D’Crédits d’heures sinn ugepasst ginn.

Den ursprénglechen Text hat virgesinn, d’Délégation divisionnaires ofzeschaffen a se duerch Représentants d’établissement ze ersetzen, well déi staark un de Fonctionnement vum Secteur gebonne waren. De Statsrot war kritesch. D’Kommission huet deen Artikel ganz fale gelooss.

Vereinfachung vun der Représentation: All Pouvoiren an d’Hänn vun enger Delegation - der Personaldelegation nämlech.

D’Dispositione gesi vir, dass ee Betrib, deen an enger Entité économique et sociale ass a manner wéi 15 Salariaie huet, ee Verrieder kann designéieren, deen un de Versammlung vum der Delegation um Niveau vun der EES deelhuele kann. Dat ass och vum Statsrot kritiséiert ginn, well se net kloer formuléiert ass. D’Kommission huet déi Disposition awer behalen, fir ze verhënnere, dass d’Patrone sech laanscht eng Delegation drécken, andeems se d’Betriber soulaang splécken, bis se manner wéi 15 Salariaie hunn.

Den urspréngleche Projet de loi hat virgesinn, dass an deene Betriber, wou sech keng Kandidature presentéieren, op Ufro vun enger Majoritéit vun de Salariaie d’Membere vun der Delegation par arrêté designéiert ginn. Dat war an ass vun der Chambre des Salariés kritiséiert ginn, well et Situatiounen ginn, wou op Drock vum Patron keng Kandidatur zustane kënn. D’Kommission proposéiert, dass fir d’Éischt eng Enquête vun der ITM soll gemaach ginn iwwert d’Ursachen, firwat keng Kandidatur do ass, an dono eréischt gëtt den Delegéierten designéiert.

Mir hunn och an der Kommission festgehalten, dem Statsrot senger Proposition de texte vum 30.4.2015 Rechnung ze droen.

Des Weideren hat sech och de Feelerdäiwel ageschlaach. Et waren Erreur-matériellen dran, a mir hunn eis eng Kéier op e Paragraf respektiv op en Alinea beruff, wat falsch war. De Statsrot huet eis awer do gréng Luucht ginn, fir dat kënnen ëmzeännere.

Ech denken, am schrëftleche Rapport fannt Dir all déi Detailer an Dir kënn se dann och do noliessen. Merci un all d’Kollegen an d’Kolleginnen aus der Kommission fir déi haart awer ëmmer fair Debatten, déi mer haten, fir dat gutt Zesummeschaffen. Merci och un d’Leit aus dem Ministère souwéi un d’Leit aus der Chambersad-ministratioun.

Just eppes Klenges, wat ech nach mat op de Wee wëll ginn. Ech mengen, et ass ee Konsens, dee fonnt ginn ass. Et mécht een ni jiddwerengem alles gerecht. Dat muss ee bei esou Gesetzer einfach mat agesinn. An an deem Sënn denken ech, datt dat heiten awer ee Konsens ass, deen ee kann droen.

A Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d’Wuert huet direkt den éischte Sprecher, de Marc Spautz fir d’CSV.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d’Alleréischts e Merci un de Frank Arndt fir säi Bericht a seng Duerstellung. Och wann ech net mat allem kann averstane sinn, wat e gesot huet, esou wëll ech em awer Merci soe fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet. An ech wëll och ënnersträichen, wat en elo zum Schluss gesot huet, dass, wann d’Diskussionen och heiansdo an der Kommissionssitzung e bësse méi haart waren, esou ass et awer ëmmer ëm dat Konstruktivt gaangen, dass et ëmmer wichteg war, dass mer gesicht hunn, Léisungen ze fannen, mat deene jiddweree sech kann identifzéieren, wat eis jo oft gelongen ass a leider awer net iwwerall.

Akzenter ginn haut hei gesat. Wat fir eng, dat wäert d’Zukunft weisen. Wann een eppes wëllt änneren, muss ee wëssen, wéi et war a wéi et ass. Ech selwer hat d’Chance, Member vun enger Delegation an och Member vun engem Comité mixte gewiescht ze sinn. Dofir weess ech aus éischer Hand, wat et bedeit, an deene Gremien ze sëtzen.

Ech kann och soen, ech war mat enger Beruffschamber zesumme mam Gast Gibéryen. Déi ass dono fusionéiert gi mat der Chambre des Employés privés. An haut schwätze mer nach just vu fënnef Beruffschamberen. Mä Klammer erëm zou.

Also, ech hoffen, dass, wa mer eng Kéier géife bei de Patronatschamberen och d’Fusioun maachen, dass dat da keng Konsequenzen huet op d’Delegéierten, déi mer am Wirtschafts- a Sozialrot zu Bréissel kréien, wou jo gëschter driwwer geschwat ginn ass, well et ass am Fong ee vun de Salariatsmandat aus dem Wirtschafts- a Sozialrot, wat elo net méi wäert besat ginn. Mä de Statsminister huet eis jo gëschter erkläert, mir kréien dat Mandat jo eventuell erëm. Da si mer emol gespaant, ob dat bis 2021 de Fall ass.